adr

Dépôt : Alexandra Schoos

Interpellat° : revalorisation des professions de santé

Lëtzebuerg, den 23. Januar 2025

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

et aktuell kee legale Kader gëtt, deen de Beruff vum Assistant vétérinaire/Tiermedizinische Fachangestellte a vum Déierefleeger definéiert a reglementéiert;
de feelende legalen Encadrement eng Ongerechtegkeet géintiwwer den anere Beruffer an deem Secteur duerstellt;
d'Personal an dëse Beruffer dacks Leit aus dem Ausland sinn, déi mat enger exzellenter Ausbildung heihinner schaffe kommen, déi si an der Klengdéierepraxis awer quasi net uwende kënnen, well dëse Beruffer hei zu Lëtzebuerg de legale Kader feelt;
dës Beruffer mam entspriechende legalen Encadrement och eng méi grouss Hëllef an eng Entlaaschtung fir de Veterinär kënne sinn;

ass sech bewosst, datt

dëst och wichteg an néideg Beruffer am Secteur vun der Déieremedezin a -fleeg sinn;
d'Personal an dëse Beruffer an der Praxis vill Akten net an Eegeverantwortung maachen dierf an de Veterinär domat déi voll Responsabilitéit dréit, bzw. déi Akte selwer maache muss (z.B. Bluttprouf huelen);
en entspriechende legalen Encadrement dëse Beruffer dann och déi néideg Valoriséierung géing ginn;

fuerdert d'Regierung op,

déi néideg Viraarbechten an dëser Legislaturperiod ulafen, deen de Beruff vum Assistant vétérinaire a vum Déierefleeger definéiert a reglementéiert.

Motion adoptée par la Chambre des Députés
en sa séance publique du 23 janvier 2025

Le Secrétaire général,
Laurent Scheeck

Le Président,
Claude Wiseler